

CSV AKADEMIE

FRÉIJOER BIS SUMMER 2025



3/ELO!

De Magazin fir
d'Membere vun der CSV



INFORMÉIERT MEMBEREN

ENGAGÉIERT MEMBEREN

Mat dësem ELO! presentéiere mir de Fréijoers- a Summerprogramm 2025 vun eiser CSV Akademie. Eist Zil ass et, Iech d'Méiglechkeet ze bidden, sech iwwer wichteg politesch Themen ze informéieren an nei Sujeten ze entdecken – vum Fonctionnement vun den nationalen an europäeschen Institutiounen iwwer d'Roll vun de Soziale Medie bis hin zu prakteschen Aspekter vun der Parteiaarbecht ass alles dobäi.

Mir setzen dorop, datt all CSV Member Zougang zu dësem Programm huet. Dofir bidde mir d'Formatiounen a verschidde Sproochen un, an organiséieren se an ënnerschiddleche Formater. Verschidde Seminairë sinn dofir sur Place, anerer Online. Fir méi Flexibilitéit sinn e puer Formatioune iwwert d'Mëttesstonn oder Owes no 18h.

Informatiounen zu der Umeldung fir eng oder méi Offere vun der CSV Akademie stinn op der Récksäit an op csv.lu/akademie.

Mir hoffen, datt dëse Programm Iech usprécht an d'Méiglechkeet gëtt Är Kompetenzen ze stäerken.

No dëse Formatioune ass et awer nach net fäerdeg an et geet mat dem Hierscht- a Wanterprogramm weider. Wann Dir en interessante Sujet fir d'CSV Akademie hutt, oder Dir selwer eng Formatioune wëllt halen, freeë mir eis iwwert all Input. Schéckt eis dofir wgl. e Mail op csv@csv.lu.

Mir freeën eis, Iech bei deene verschiddene Formatioune a Seminairë begrüessen ze kënnen!

LUC FRIEDEN
Parteipresident

ALEX DONNERSBACH & FRANÇOISE KEMP
Generalsekretären

PROGRAMM

DEN EUROPÄESCHE GERIICHTSHAFF

Den Europäesche Geriichtshaff ass dofir responsabel, dass dat Europäescht Recht an alle Memberstaaten eenheetlech applizéiert gëtt. Den Europäesche Geriichtshaff stellt sécher, dass d'Memberstaaten an d'EU-Institutionen d'EU-Recht anhalen. Als Europäescht Verwaltungsgeriicht decidéiert hien a Sträitfäll tëschent EU-Staaten an/oder Europäeschen Institutionen. De Geriichtshaff tranchéiert awer och bei Froen zur Fräizügkeet an der EU („Schengen“), zu sozialen a gesellschaftleche Rechter.

De Seminaire gëtt een Abléck an d'Aarbecht an d'Roll vum Europäesche Geriichtshaff a beinhalt och d'Visite vu senge Gebailechkeeten um Kierchbierg.



FRANÇOIS BILTGEN

Cour de Justice de l'Union Européenne



12/05/2025

18H-20H



COUR DE JUSTICE

DE L'UNION EUROPÉENNE

DATESCHUTZ AM (POLITESCHEN) ALLDAG

D'Schaffe mat de perséinlechen Donnée vu Persounen ass eng besonnesch Responsabilitéit mat deene vill Verantwortlecher a Veräiner, Associatiounen a Parteei konfrontéiert sinn. De Seminaire erklärt d'Grondprinzipie vum RGPD, erklärt wéi persounebezunnen Donnéeën duerfe verschafft ginn a wat fir Sécherheetsmesuren onbedéngt respektéiert musse ginn. De Seminaire gëtt awer och e klengen Ausbléck op konkret Problemer a Schwierigkeeten am Alldag. De Seminaire ass op fir jiddereen, riicht sech awer besonnesch u Responsabel vu Sektionen a Bezierker, déi reegelméisseg mat perséinlechen Donnée vu Membere schaffen.



CHRISTOPHE BUSCHMANN

Ancien commissaire à la CNPD



16/05/2025

12H-13H



ONLINE

INSIDE AFD - EEN DEEP DIVE AN D'SOCIAL MEDIA STRATEGIE VU RIETSPOPULISTEN

Däitschland ass schockéiert: 46% vun de Wieler tëscht 18 a 24 Joer hunn entweder d'AFD oder „Die Linke“ gewielt. Besonnesch iwver TikTok hunn dës Parteien u Popularitéit bei Jonke gewonnen, mee wéi genau? Ass et just Populismus oder stécht do System hannendrun? An dësem Deep Dive kucke mir eis de System „AFD“ méi genau un a maachen Opmierksam op eng Entwécklung, déi nach keen esou richteg um Schierm huet.

INSIDE AFD – A DEEP DIVE INTO THE SOCIAL MEDIA STRATEGY OF RIGHT-WING POPULISTS

Germany is shocked: 46% of voters aged 18 to 24 voted either for the AFD or “Die Linke.” Especially on TikTok, these parties have gained popularity among young people – but how exactly? Is it just populism, or is there a strategy behind it? In this deep dive, we take a closer look at the “AFD system” and shed light on a development that most people haven't fully noticed yet.



BILDBRAUEREI



DE 25/04/2025

EN 27/05/2025

} 12H-13H



ONLINE

HOW TO SOCIAL MEDIA DO'S AN NO GO'S AN DE SOZIALEN NETZWIERKER

Facebook, Instagram, LinkedIn ... si fir d'Kommunikatioun vu politeschen Acteuren a Parteien hautdesdaags onëmgängelech. Fir an der enormer Offer vun Informatiounen an de Soziale Medien ervirzestiechen, muss den eegene Message a Contenu uspreichend an interessant presentéiert ginn. De Workshop beäntwert Froe, wéi e Public déi verschidde Plattformen notzt, a weist op eng ganz praxisorientéiert Manéier „Best Practices“, wéi Contenu (Fotoen, Videoen, asw.) effizient agesat a Messagë cibléiert formuléiert kënne ginn.



BILDBRAUEREI



29/04/2025

17/06/2025

} 18H30-20H



ONLINE

HOW TO AI – WÉI BENOTZEN ECH KËNSCHTLECH INTELLIGENZ AN DER POLITIK?

An dësem Workshop kucke mir eis un, wéi Kënschtlech Intelligenz (KI) fir déi extern Kommunikatioun oder intern Prozesser benotzt ka ginn. Vun der Erstellung vun eegenem Contenu, bis hin zu einfachen Tipps an engem Ausbléck op weider Méiglechkeeten, gi mir een Ufängercours an d'Welt vun der KI.

HOW TO AI – HOW CAN I USE ARTIFICIAL INTELLIGENCE IN POLITICS?

In this workshop, we'll explore how Artificial Intelligence (AI) can be used for external communication and internal processes. From creating your own content to simple tips and a look ahead at future possibilities, we'll offer a beginner's guide to the world of AI.



BILDBRAUEREI



DE 05/05/2025

EN 02/06/2025

} 18H-19H30



ONLINE

EUROPÄESCH INSTITUTIOUNEN

E groussen Deel vun der nationaler Politik gëtt op EU-Niveau decidéiert. D'Europäesch Unioun, dat si verschidden Institutiounen, wéi d'EU-Parlament, den Europäesche Rot, déi Europäesch Kommissioun, den Europäesche Gerichtshaff, asw. De Seminaire gëtt een Abléck an déi verschidde Kompetenze vun den EU-Institutiounen.



ISABEL WISELER-LIMA

CSV EU-Deputéiert



05/06/2025

18H-19H30



CSV GENERALSEKRETARIAT

S'ENGAGER AU CSV ET COMPRENDRE LA POLITIQUE AU LUXEMBOURG

Le CSV compte 10 000 membres et est présent dans toutes les communes. En tant que citoyen non-luxembourgeois, vous pouvez y jouer un rôle actif. Comment fonctionne le parti au quotidien ?

Le Luxembourg est une monarchie constitutionnelle avec 60 députés et plus de 100 communes. Quelles sont les institutions clés ? Et comment s'impliquer concrètement dans la vie politique ?

GETTING INVOLVED IN THE CSV AND UNDERSTANDING POLITICS IN LUXEMBOURG

The CSV has 10,000 members and is active in every municipality. As a non-Luxembourgish citizen, you can play an active role. But how does the party work day to day?

Luxembourg is a constitutional monarchy with 60 MPs and over 100 municipalities. What are the key institutions? And how can you get involved in political life?



GENERALSEKRETÄREN



FR

25/04/2025

EN

04/06/2025

12H30-13H30



ONLINE



IT'S ALL ABOUT US:**WIE KANN EUROPA MIT DEN USA UNTER DONALD TRUMP ARBEITEN?**

Mit dem Amtsantritt von Donald Trump werden jahrzehntealte Gewissheiten erschüttert. Stehen wir vor einem Epochenbruch in den transatlantischen Beziehungen? Was uns in den nächsten Jahren erwarten könnte und wie sich Europa angesichts dieser Unwägbarkeiten verteidigungspolitisch aufstellen sollte, möchten wir in diesem Seminar mit Ihnen erörtern.



DR. CHRISTINA KRAUSE
EVELYN GAISER



15/04/2025
13H-14H



ONLINE

**STRATEGIEN GEGEN POPULISTISCHE, RADIKALE UND
EXTREMISTISCHE PARTEIEN**

Praktische Handlungsempfehlungen für die politische Mitte im Umgang mit anti-europäischen, populistischen, radikalen und extremistischen Parteien und Narrativen. Detailliert sachlich argumentieren? Harter politischer Angriff? Oder besser ignorieren?



DR. VIOLA NEU
TIM B. PETERS



14/05/2025
13H-14H



ONLINE

**STRATEGISCHE WEICHENSTELLUNGEN FÜR DIE DEUTSCHE
ENERGIE- UND KLIMAPOLITIK: AKTUELLE HERAUSFORDERUNGEN
UND LANGFRISTIGE PERSPEKTIVEN**

Laura Philipps und Gisela Elsner beleuchten in kurzen Impulsen zentrale Aspekte von Natur- und Umweltschutz sowie Energiepolitik mit Blick auf die EU. Sie gehen dabei auch auf Fragen ein, die im luxemburgischen Kontext besonders relevant sind. Im Anschluss folgt eine Diskussion mit den Teilnehmenden. Zudem wird die Bedeutung der Themen für Wirtschafts- und Sicherheitsfragen im Kontext geopolitischer Entwicklungen und strategischer Risikovermeidung erläutert.



GISELA ELSNER
LAURA PHILIPPS



24/06/2025
13H-14H



ONLINE




MODALITÉITE FIR D'UMELDUNG

D'Umeldung fir eng oder méi Offere vun der CSV Akademie ass iwwert eis Websäit méiglech. Aus organisatoresche Grënn ass eng Umeldung bis zwee Deeg virum der Formatioun obligatoresch.

Bei Online-Seminaren kréien d'Participanten een Dag virum Seminaire de Link fir deelzehuele geschéckt.

Esouwäit wéi méiglech stellt d'Generalsekretariat d'Seminaire-Dokumenter vir oder no der Formatioun zur Verfügung.



Umellen duerch d'Scannen vum QR-Code
oder op csv.lu/akademie

Wann dir Froen hutt oder Hëllef bei der Umeldung braucht, kënnt Dir iech am CSV Generalsekretariat mellen.